Wahlen 2009 - Aktualitéiten

smartvote.lu: Wéi stinn ech zu de Kandidate fir d'Wahlen?

RTL - 04.05.2009, 17:57 - Fir d'lescht aktualiséiert: 08.05.2009, 15:04

Wahlen-Check: Op smartvote.lu kann een en Online-Questionnaire ausfëllen a kucken, wéi ee sech par rapport zu de Chamber-Kandidate positionnéiert.

Eng nei Online-Wahl-Hëllef ass den Donneschden, 7. Mee, also genee ee Mount virun de Chamberwale vum 7. Juni,

Links

LINK: Hei geet et op smartvote.lu!

AUDIO: Reportage vum Eric Ewald op RTL Radio Lëtzebuerg.

VIDEO: Reportage op RTL Télé Lëtzebuerg.

online gaangen. De Site, dee vun der Uni Lëtzebuerg betreit gëtt, heescht smartvote.lu. Dorop kann de Bierger da kucken, wéi hie sech par rapport zu de Kandidate fir op de Krautmaart, respektiv de politesche Parteie positionnéiert.

Bis de 7. Mee hat ronn e Fënneftel vun de Kandidate fir d'Chamberwalen dee Questionnaire mat 38 Froen aus 10 Politikfelder ausgefëllt. D'Äntwerte vu 89 vun de Fraen a Männer, déi an d'Parlament wëllen, goufe bis deen Dag enregistréiert; eenzel Lëschte ware ganz fläisseg beim Ausfëllen, aner hu sech nach guer net bedeelegt (Ranking: DP, 32; Déi Gréng, 30; LSAP, 16; Déi Lénk 14; ADR, 10; CSV, KPL a Bierger-Lëscht nach 0).

Verglach jo, Recommandatioun nee

Vum 7. Mee u kënnen d'Bierger dann op déiselwecht Froen äntweren, fir ze kucken, weem si politesch gesinn am nootste stinn, ouni dass dat eng Recommandatioun fir de Vote vum 7. Juni soll sinn.

Am Géigesaz zu de Bierger kënnen d'Kandidate fir op de Krautmaart bei de Froen iwwregens net soen, dass si zu dëser oder därer keng Äntwert wëlle ginn, sou de Chercheur Raphaël Kies.

Fir d'Positioun vun de Parteien zu eenzelne Froe gewuer ze ginn, goufen hir Programmer duerchgekuckt.

Och op EU-Niveau

Bal deen nämlechte Questionnaire fënnt een op euprofiler.eu fir d'Europawalen. Hei kann een un Hand vun 30 Froen iwwerpréifen, mat wat fir enger Partei hirer oder mat wat fir engem Kandidat senger Politik een am meeschten iwwerenee stëmmt.

Donieft huet d'Chamber dëst Joer scho fir d'4. Kéier eng Etude an Optrag ginn, fir z.B. d'politescht Verhale vum Bierger z'analyséieren. Iwwert dee Wee soll d'Versteesdemech fir de Fonctionnement vum politesche System hei am Land gestäerkt ginn.

RTL ass iwwregens ee vun de Partenairë vum Projet smartvote.lu.

smartvote.lu



Smartvote.lu - vun en Donneschdeg un!

© RTL.lu 2008 - lieserbreiw@rtl.lu

Università online + Cepu
Lavori ma vuoi laurearti? Scopri come con Università online + Cepu.
www.formazioneadistanzaonline.it

Altbausanierung Trier-Lux
Altbausanierung als Wertanlage
Altbausanierung aus Passion
architekturbuero-sorgen.de

Liu Jo
Registrati Gratis: Hai un Buono Sconto di 12€!
it.BuyVip.com/Liu+Jo